Depot : Fred Keup

2

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2026

I – Intégration étrangers

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt:

- d'fréi Kannerbetreiung (1–4 Joer) eng zentral Roll bei der sozialer a sproochlecher Integratioun spillt;
- d'Lëtzebuerger Sprooch eng wesentlech Integratiouns- a Kommunikatiounssprooch am nationale Kontext ass;
- d'Qualitéit an d'Konsequenz vun der sproochlecher Interaktioun an de Crèchen an am Precoce e wichtege Faktor fir de Sproochenerwerb bei klenge Kanner ass;
- am aktuelle plurilinguale System d'Ëmsetze vun der Sproochpraxis am Alldag tëscht de Strukture variéiere kann;

fuerdert d'Regierung op:

- eng standardiséiert Methodik auszeschaffen, fir d'Präsenz an d'Benotze vum Lëtzebuergeschen am Alldag vun de Kannerbetreiungsstrukturen (1–4 Joer) ze evaluéieren;
- dobäi op d'mannst follgend Indikatoren ze definéieren:
    - Undeel vun der Interaktioun tëscht Personal a Kanner op Lëtzebuergesch
    - Frequenz vum aktive Sproochgebrauch am deegleche Betreiungsprozess
    - Disponibilitéit vu Lëtzebuergesch schwätzendem Personal pro Grupp
    - Qualitéit vun der sproochlecher Input-Situatioun (strukturéiert vs. spontane Sproochgebrauch)
- eng aktualiséiert, evidenzbaséiert Analys vum Precoce virzeleeën, déi:
    - d'Sproochpraxis an de Strukturen dokumentéiert
    - regional a strukturell Differenzen identifizéiert

    - d'Roll vum Lëtzebuergeschen am Verglach zu anere Sproochen evaluéiert, woubäi dës Analys op engem eenheetlechen Evaluatiounskader baséiere soll, deen och fir d'Crèchen applicabel ka sinn
- ze iwwerpréiwen, ob déi aktuell Sproochkompetenzufuerderunge fir d'Personal an de staatlech a kommunal subventionéierte Strukture genuch präzis an ambitiéis sinn;
- dobäi ze evaluéieren:
    - ob en definéierte Mindestniveau am Lëtzebuergesche fir pedagogescht Personal néideg ass
    - wéi eng Weiderbildungsmoossname fir Lëtzebuergesch systematesch kënne verstäerkt ginn
    - wéi eng Incentiven zur Verbesserung vun der sproochlecher Qualifikatioun agesat kënne ginn
- ze analyséieren, wéi d'Strukturen encouragéiert kënne ginn, datt Lëtzebuergesch konsequent als Kommunikatiounssprooch am alldeegleche pedagogesche Kontext genotzt gëtt;
- der Chamber bis spéitstens Enn vum Joer eng aktualiséiert an erweidert Analys virzeleeën, déi:
    - déi definéiert Indikatoren enthält
    - eng Bewäertung vum aktuelle Stand enthält
    - konkret Verbesserungspropose fir d'Sproochepolitik an der fréier Kannerbetreiung formuléiert.

Fred Keup

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742